



Äntwert vum Här Minister fir sozial Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n°8085 vum 9.Juni 2023 vum honorabelen Deputéierten Här Jeff Engelen iwwer d'Frauden am Beräich vun der Krankeversécherung

1) Mécht de Ministère fir d'Sozial Sécherheet Estimatioune bzw. Statistiken, wat de geschätzte Volume ugeet vun de Frauden am Beräich vun der Krankeversécherung? Wa jo, kann den Här Minister eis dës Estimatioune bzw. Statistike matdeelen? Wann nee, firwat ginn esou Estimatioune bzw. Statistiken net gemaach?

Am Allgemengen ass et net méiglech de genaue "Schued", deen d'Gesondheetskeess (CNS) duerch potentielle Bedruch, dovu gedroen huet ze bestëmmen. Och um internationalem Niveau gëtt et wéineg zouverlässeg a konkret Donnéeën.

Fir awer den Impakt vum konstatéierten Bedruch, dem Mëssbrauch an de Feeler am Beräich ze moossen, huet d'CNS, a méi spezifesch de Service „Lutte Abus et Fraude“, verschidde „Key Performance Indicators“ (KPI) fixéiert, op Basis vun deenen d'Ausmooss an d'Evolutioun vum konstatéierte Bedruch, deen am Kader vun de Kontrolle festgestallt ginn ass, kann evaluéiert ginn.

Dës KPI, déi reegelméisseg an de järeleche Rapporten vun der CNS publizéiert ginn, bestinn engersäits aus quantitativen Elementer wéi :

1. D'Unzuel un oppenen Dossieren (pro Joer);
2. D'Unzuel un Dossieren mat engem stroferechtlichen¹ Suivi (pro Joer);
3. D'Unzuel un Saisinen vun der Commission de surveillance de la sécurité sociale² (pro Joer).

Och wann de Kampf géint de Bedruch an de Mëssbrauch sech op déi stroferechtlech Aktiounen konzentréiert duerch déi ee méi konkreten Ausmooss vum Schued op Käschte vun der CNS ka festgestallt ginn, ass et awer och wichteg de wesentlechen Aspekt vun der Präventioun ervir ze hiewen, deen et erméiglecht e potentielle Schued ze limitéieren.

Fir déi zwee Faktore "Repressioun" a "Präventioun" ze representéieren, gëtt et e 4. dediéierten KPI, deen de "geschätzte Betrag un detektéiertem a gestopptem Schued" duerstellt an esou eng méi cibléiert finanziell Dimensioun vun der Bekämpfung géint d'Feeler, de Bedruch an de Mëssbrauch an der Krankeversécherung an an der Fleegeversécherung erëmgëtt.

Esou kann also festgestallt ginn, dass de Betrag vum fréizäiteg detektéierte a gestoppten Schued, säit dem Ufank vun der Erhiewung am Joer 2021 (op Basis vun den Dossieren aus dem staark vu Covid-19 betraffene Joeren 2020 an 2021) a konstanter Progressioun ass.

¹ Plaintes et Dénonciations sur base de l'article 23 du Code de la procédure pénale

² Article 73 du Code de la sécurité sociale



Tëscht Enn 2021 an Enn 2022 konnt eng Augmentatioun vu 4 Milliounen Euros verhënnertem Schued festgestallt ginn (7 Milliounen Euros Enn 2021, 11 Milliounen Euros Enn 2022).

En effikasse Kampf géint de Mëssbrauch, de Bedruch an d'Feeler ass e wichtegt Element am System vun der sozialer Sécherheet. Dofir wäert d'Gesondheetskeess weiderhin dem Volet vun der Präventioun, dem Noweis an de Sanktiounen eng grouss Wichtigkeet accordéieren.

Lëtzebuerg, den 11. Juli 2023

De Minister fir sozial Sécherheet

(s.) Claude Haagen